

# L'Union

LETZBURG DE LETZBURGER (DEVI) V.D. UNION \* ORGAN VUN DER UNION \* ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

Jor 1 / No 5

Erschegt virleég all Woch

31. Oktober 1944

## National-wirtschaftlechen Opbau Höllef fir den Arbechter

D'Arbechter vum letzeburger Land hun an de vergangene Krichsjor de Beweis erbruecht, datt och si de Wert vun engem freien, demokratesche Letzeburg erkannt hun. D'letzeburger Arbechter hun, an et soll zo' hiner E'er matt Stolz gesot gin, Trei bekannt. De Krich wor fir si de beschte Prof'stén. Vun dem Moment un, wo' d'Preisen hei agefall sin an de ganze Krich erdurch hun d'Arbechter hire Mann gestallt. An önnert wat fir Konditio'nen? Scho virum Krich huet de klenge Mann bei verschidde Gelééhéiten bewisen, datt en an alle Situatio'nen klere Kapp a Géschicht behält an datt et net eso' licht ass en iwer d'Oeren ze haen. Gewöss, et huet muenchmol schwe'er gehalten, de' énzél Ménongen önnert én Huet ze bringen, well och eis Arbechter, we' alles hei am Land, a verschidde Verbänn opgespleckt woren. Bestömmt wor et net zum Virdeél vun der Arbechterschaft; ma mer wöllen de' vergangen Zeiten net me' ernimmen. Ent stét fest: Vill vun eisen Arbechter, a bestömmt net de' mannt an dommt, hun et scho viru Jore bedauert, datt durch de' onse'leg Kikkewirtschaft an de Parteitutteki si a verschidde Verbänn organise'ert woren. Durniéwent haté sech an d'Organisatio'nen och nach verschidde Elementer eragschlich, de' alles ewe' keng Letzeburger woren. Hir Zuel wor wuel ganz kleng, ma et go'wen der deser Dég agestach, de' fre'er eng gewösse Roll gespilt hun. Mer brauche keng Nimm ze nennen, d'Arbechter kenne se. Ma de Stack vun der Arbechterschaft ass gudd. Si all, de' eragewuess sin aus den ale stackletzeburger Familjen, si all, de' v Kanddoen u geschafft hun, si sin och Birg derfir, datt aus dem Krich datt erstét, wat mer all wönschen: „Eng énzeg gro'ss letzeburger Arbechterschaft“.

We' num dat ower máchen? Virum allem müssen d'Arbechter sech iwert ént klor

sin: Et gét des Ke'er em alles, et gét em me' we' d'déglech Kuscht. Et gét drem, d'Land erem opzebauen, an do brauche mir all Guddgesónt. Wa mer emol erem den Däch iwer dem Kapp hun, da könne mer drun denken, eis och bannan anzeichten. Mer sin haut am Fall vun engem, dé total ofgebrannt ass. Vum Haus stin nach grad de' ve'er geschwärt Mauerén. Soll éio den arme Mann d'Hänn an de Scho'ss léen a warden, bis d'Noepen sech drem bekömmen fir d'Haus erem opzebauen? De Mann, dem d'Heip ofgebrannt ass, wért net dorober warden. E sét sech: Et ass mer wuel alles verbrannt, ma d'Liéwen ass mer bliwer. An e gét matt Kurásch un de Neipbau vun sengem Haus erem. Eso' ass et och fir de Moment matt dem letzeburger Hémehschhaus. De Preiss huet d'Land d'ónnescht d'iewescht geheit, en huet weider neischt hennelóss ewe' Ruinen, ma d'Grondmauere si bliwen. An op den ale Fallement braue mer dat neit Hémehschhaus erem op. Datt do am Ufank et u muenchém fólt, ass net ze verhónneren. Ma lues a lues werte mer d'Haus schon arichten, datt d'Kanner sech erem fro' a glecklech dra fillen. An an dem Haus soll an ass och Plaz fir den treien e'erliche letzeburger Arbechter. Hién ass gère berét Hand matt unzeleén an Appermana ze spillen, ma we' gesot: Höllef em, datt en durch d'Liéwe kent. Dofir musse mer him entge'nt kommen eso' weit et am Interesse vun Neipbau me'glech ass. Den Arbechter darf matt senge gerechte Euerderongen net, we' verschiddelechen an der Vergángenheit, matt engem: „Gott hóllef Tech“, ofgeliegt gin. Sein Affergésicht a Patriotissem ge'wen dat menger wárrécht net verdengen. Dofir léie mer all dénen, de' e' ugét, an do an e'chter Linn der Regirong an den Schmelzhären dat elei no: „Suergt em Gotteswóllen

derfir, datt de klenge Mann net brauch ze soen — eso' hate mer eis et dach net virgestallt“.

Mer hu ve'er länger Jor de Kapp durgehal, mer hun Honger a Krott gelidden. Mer hun dem Preiss de Bass gehalten an em Klóppelen an d'Riéder gestach, wo' mer konnten. Mer wöllen ower haut net erem de Sto'ssneckel sin. Also, we' gesot: Virum allem, Höllef fir de klenge Mann. Eppes onme'gleches get net begirt an den Arbechter ass bestömmt de' leschten, den Tapásch schle't, wann am Ufank net grad alles an de Blei gét. Well hié wéss wat et héscht, den Dibbelchen zesammen ze helen fir matt den Enner beienézekommen. Ma wann e misst gesin, we' eng bestömmt Klass, an d'obel der villicht nach vun auswärts, sech am Lánnege we' bréd machen an durch sei Schwéss erem am floribus liewe könnten, wo' op der anerer Seit fir hién emol net dat ne'degst do wér, da breicht kén sech ze verwonnere, wann e kuésch gef'.

Dofir wönsche mer eng éneg, stark letzeburger Arbechterschaft, de' onbeir, o ni no rechts oder lenks zu kucken, hire Wé gét an de' antrótt fir alles, wat dem Arbechter notzt. Si soll sech léde losse vun de gro'sse Prinzipien, op dénen d'Zesummeliéwen an den demokratesche Länner opgebaue ass: Solidarité' a Patriotissem. Si muss virum allem datt sichen ze verhiiden, wat ons an der Vergángenheit eso' oft geschued huet: De Klassekampf an de politesche Streit. Dat ongeheiert Arbechsfeld, wat vun der Arbechterschaft muss beackert gin, le'sst keng Zeit iwreg, fir sech matt Parteidestrids erem ze balgen. Dofir muss jidderengem, den sech an d'Arbechterschaft eramósch, seng Missio'n eppes Helleges sin. Dann ass et me'glech, datt mer den énzeg sche'nen Dag erliewen, den Dag, wo' d'Arbechter éneg virum ganze Land stin an de Beweis erbringen, datt och si dorzo' beiedron hun, zur Engekét an zum Opbau vun letzeburger Vollek. H. R.

## D'Oekonomesch Situatio'n

Et ass schwe'er, aus all de wirtschaftleche Problemen dat wichtigst direkt erauszefannen. Mir si mat der Regirong der Iwerzégong gewiescht, d'Geldfro misst virum allen anere Reforme range'eren. Do wor jo och eppes drun, well bei onsecher Geldstandard d'Loscht fir ze produze'eren an och fir ze verkafen ganz kleng ass. Jidderé wóllt wóssen, wat e fir seng Marken erem ge'w kre'en. Elo ass de' Questio'n gele't, an dach ass se och net gele't, so'lang we' ké Wé fond get, d'Gelder ze débloque'eren a spe'der produktiv an d'Nationalwirtschaft eranzelen. A Wirklechkét wor d'Geldfro net de' w'htegst, well fir de' gro'ss Mass vun Frangen, de' aus dem Ömtauschgeschäft entstane sin, wann och nómme fiktiv zu de Konten, bestét keng Gele'ehét a Sachwerter óngesat ze gin. Dat ónnergríeft och d'Valeur vun Letzeburger Frang. Oder ass d'Situatio'n net bei ons we' a Belgien? A wat geschitt z. B. mat de belsche Frangen zu London. Ganz einfach: de' Belsch, de' an England iwer áll belscht Geld dispose'eren, sto'ssen hir Frangen fir all Preis un d'englesch Zaldoten of, an de' könne no den englesche Bankgesetzer bis zu 25 Pond Sterling o'ni besonner Formalité'ten de' Frange bei de Banken ale'sen, dann awer zum offiziellen Taux vun 176,625 belg. Fr. fir 1 Pond. Aus der Operatio'n gét ower deitlech genuch erfir, we' we'neig Konfienz de' belsch Bierger an d'Stabilité't vun neie „Cours du change“ hun. Eng Me'glechkét, de' be'stét, fir datt mir eppes aus dénen ongeheiren Zommen erausschloe können, gesi mir dodran, datt et ons spe'der erlabt gef', mat déne Frangen Acquisitio'nen an den besáten Déler vun Deitschland ze máchen.

We' mir d'letzeburger Geld haten, wor et och no'twendeg d'Preisser, d'Le'n an d'Gehálter nei ze reglé'eren. Dat ass zimlech se'er gang. Dofir hu mir ower och konstater't, datt no déne neie Preisformulen alles heim ále war. D'Preisser fir d'Liewesmótteln sin délweis nach an d'Lucht gángen, vir de' aner Preisser ass einfach de Markpreis mat 10 multiplize'ert gin, mé fir d'Gehálter an d'Le'n ass bestömmt gin, si ge'wen em 60 Prozent an Verháltne's zo' de' Le'n a Gehálter aus der Verháltne'szeit erhe'cht. Dat wor generell geschwát, an et ass klor, dass do nunch Arbechter a Beamte schlecht eweg ke'men. De' qualifize'ert Arbechter, de' och virum Krich scho relativ gud bezuelt go'wen, hätten sech net ze bekloen, och demécht Staatsbeamte net. Bei de Privatbeamten an de klengen Arbechter wir d'Situatio'n weit net eso' gónscht. An d'fir och wir et ubruecht, we' et och vum Här

Arbechtersminister Krier geplangt ass, d'Le'n an d'Gehálter ze staffelen.

D'Gesellschaftén Arbe'd, Hadir an Ougrée Rodingen hu bei enger Réunion vun déne verschidde Ausschóss ónnert dem Virsöz vun Här Arbechtersminister Krier nei Le'n festgeluegt, de' an der Form vun Virschóss virleég göllen, bis de Conseil national du travail se definitiv geregelt huet. Le'n vun de Preisen gi mat 10 multiplize'ert. Dobei kommen dann Zo'schle' vun 12 Frang pro Dag fir d'Arbechter aus der Lo'nggrupp 1 (150 Frang pro Stonn), 10 Frang fir d'Grupp 2, 8 Frang fir d'Grupp 3, a 6 Frang fir d'Gruppen 4, 5 a 6. Den Existenzminimum ass 64 Fr. den Dag. An de Gro'webetrieben krit all Produktionsarbechter 12 Frang den Dag weider. De' am Stonnelo'n gin nom Gruppentarif bezuelt. Och de kleng Patroen, Frang d'Stonn bei. Och de kleng Patroen, Handwerksméschter an Enterpreneuren müssen den ongeléerten Arbechter op d'manst 8, de gele'erten Arbechter op d'manst 10 Frang d'Stonn bezuelen.

Wat d'Privatbeamten ugét, darf et net me' virkommen, datt durchschnóttlech ganz brauchbar Kráften, énzeg an eleng well si um Arbetsmarkt net gudd ewegko'men, durch móttelme'sseg Betriber an Etablissemter ausgenotzt gin. Et darf an Zo'konft keng „Plátterchesfabrik“ me' an der Letzeburger Sozialwirtschaft ze fanne sin!

Och d'Banken müssen sech dem neie sozialpolitische corant upassen. Den Här Staatsminister Düpong huet jo schon dorop higewisen. Fir d'Privat- an d'Staatsbeamten wir och eng Staffelong me'glech, an dem, datt én eng e'scht Zomm vun 1000 Frang mat 80 Proz., eng zwét mat 75, eng drótt mat 65, de' aner mat 50 Prozent, an da weider no ónnen wat d'Vendengsichter me' he'ch gin, opwerte gef'. A Belgien sin d'Beamtenorganisatio'nen zesummekom an hun décide'ert ausser enger 60prozent. Erhe'gong vun de Gehálter och eng entsprechend Opwerterung vun den Familienzulagen ze fuerderen. De Ministerrot huet dé Beschloß op Virschlag vun Minister Gutt ugeholl. E bleiwt virleég bis zum 1. Januar 1945 a Kráft. Bei ons drängt sech eng áhnlech Le'song op. De Preisindex ass seit dem 10. Mé 1940 me' we' 60 Proz. an d'Lucht gang. Et darf durfir och der Lo'n a Gehálteropbesserong kén Index zo'grund geluegt gin, den op me' nidreg Preisser we' de' v 1940 abgebaue ass.

Ausser all déne me' generelle Froen, mecht de' vum Ravitaillement ons elo am méschten ze scháfen. D'Front ass nach ze vill no, fir dat ons Eisebunnen an och de' áner Transportmótteln och nemmen a begrenztem Moss normal an de Gank komme könnten. E gro'ssen Déel vun onsem landwirtschaftleche Réservoir ass durch d'Evakuatio'n brochgeluegt. Dorónger fällt 1/3 vun eistem Ke'bestand. Wa mir iwerall erake'men, wár de Mangel u landwirtschaftleche Produkten se'er behueven. Dat ge'w' ons ower net verhónneren, we' se et a Belgien gemacht hun, mat Camioen an d'Dierfer eraus ze furen, fir Botter an d'Stád ze brengen. So' ko'men virum etlech Dég 12 000 kg. Botter op Bre'ssel.

E Problem, dé nach me' Bedeitung huet, ass dé vum Hausbrand, vum Gas a vum Industrieo'ks. Do si mir ower net Méschter. De' Rohstoffe kre'e mir aus Belgien, an et henkt ganz vun den Evénementen beim Wirtschaftspartner of, op an a wat fir engem Moss mir mat dénen Article beliwert gin. Elo get nach net vill Kúel un d'Daglicht a Belgie bruecht, an et get der nach vill manner transporte'ert. Mir dürfen ower hoffen, dat an nächster Zeit och do eng Besserong antrótt. Villicht könt de Stát dofir surgen, dass genug Holz geschloe get fir den Hausbrand am Wanter secherzustellen.

Dat ass dat heitget Bild vun onser ökonomescher Situatio'n. Mir hun ower Vertrauen an d'Zeit de' könt. We' mir wóssen, ass d'Missio'n vun der UNRRA (United Nations Relief an Rehabilitation Administration) zo' Letzeburg an de Buroe vun der Bourse an Gang d'Löschte festzelen vun all dem wat d'letzeburger Industrie a Landwirtschaft direkt nom Krich ne'deg huet. De M. Simon, e Franso's, ass Chef vun der Missio'n. Amerika ass berét ons an der e'schter Zeit nom Krich erem op d'Bén ze hóllefen. D'Amerikanesch Industrie ka se'er op d'Friedensbedierfnesser óngestallt gin. Jidderén krit geholfel. Net nómmen de' Reich gin zo'gloss, mé virum allem de' Natio'nen, de' stark gelidden hun. Dat ass e Grond me' fir mat Mutt a guddem Wóllen an de' kommd Me'nt eranzegoen. Servus.

## Eng letzeburger Nationalbank

Dat nei letzeburgesch Geld ass elo ónnert de Leit an am gro'sse Ganzen huet et gefall. T'ass nómme schued, dass én nót me' dervun huet.

Wann én de' No'te me' gené ónner d'Lup hält, da geseit én, datt et keng Billjén vun enger Staatsbank sin, ma Scholdscheiner vum Staat. De Grond: mir hu keng Staatsbank.

Well mer nun awer nés alles nei opbaue müssen, könne mer ons och eng Staatsbank léschten. An de' Gelééhét ass elo do.

We' all Mónsch hei wéss, huet d'International Bank en No'tprivileg, an d'Regirong iwerwácht d'Emissio'n durch e Regierungskommissár. D'Regelong vun der neier Emissio'n ass durch d'Geldgesetz vum 14. 10. einstweilen nach am Suspens. Mé durch den Art. 15 iwerhólt de Staat der

Interbank hirt deitscht Guthaben. We' we'ch de' Zomm ass, wösse pir net, mé mir wösse jo we' et 1918 war. Du huet d'Interbank nei Kapitalien eran huele misen, an du sin aplaz d'Preisen de' Belsch an d'Franso'se Méschter gin. Nom gro'sse Kladderadatsch v 1940 sin nés d'Preise Méschter gin, de' elo d'Majorité't vun den Aktien hun. Nun ass awer de' preisesch Bedelegong ónner Sequester gestallt an de Staat krit de ganze Pák Aktien. De Wert dovun get op engem Reparatio'nskont durch de Sequester guddgeschriwen op Grund vun enger Bilanz, de' d'Interbank opstelle muss.

Do ass dach elo de' Sach einfach fir eng Letzeburger Nationalbank opzerichten.

D'Regirong als Haptaktionár rifft eng Generalversammlung an, de'iwier:

1. de' nei Statuten vun der „Letzeburger Nationalbank“ beschle'sst,
2. de' neie Präsident, déen unbescholtene Letzeburger muss sin, get vun der Grossherzogin genannt,
3. de' Verwaltungsrot bestét nómmen aus gebirtegen, unbescholtene Letzeburger. An de' gin vun de verschidde Berufs-kommissio'nen propose'ert. D'UNIO'n muss och hire Mann stellen. Aplaz e Privatbeamten misst e Beamten vun der Nationalbank an de Conseil genannt gin. (Dat wár eng Neierong.)
4. D'Directio'n darf nómmen aus gebirtegen an unbescholtene Letzeburger bestoen an de' gin, grad ewe' bei den anere Gesellschaften, vum Verwaltungsrot genannt.
5. D'Beamten, alt nés gebirteg, unbescholté Letzeburger, ging vun der Directio'n agestallt.

De' nei Statuten können evtl. op d'Statuten vun der Banque Nationale de Belgique opgebaue gin, well de letzeburger Frang jo dach elo mam belsche Frang gleichgestallt ass.

Et könnit evtl. é vum de Belschen Hären aus dem Conseil vun der Banque Nationale de Belgique an de Conseil vun der Letzeburger Staatsbank kommen, wann och e Letzeburger Här an de Conseil vun der Banque Nationale geruff ge'ng.

De' Fro vun enger Staatsbank ass eso' gur ganz akut.

We' den Här Staatsminister Dupong ugedeit huet, kre'e mer eng Devisenordnung. Wat dat héscht, hu mer jo ónner de Preisen kenne gele'ert. Si get vleicht net eso

streng, mé et ass vill Arbecht. A wie kann de' Arbecht besser man we' ons Staatsbank. Oder musse mir als frei Letzeburger ons Devisen der Banque Nationale de Belgique iwerlössen?

Matt der Zeit könnit dann d'Nationalbank nei No'ten eraugin an de' Scholdscheiner vum Staat ge'fe lues a lues aus dem Verke'er gezu gin.

De Privileg vum Staat beste'ng dann nuren doran, Gold, Selwerstecker, an de' kleng Münz schloen ze lössen, grad we' an den aneren Länner.

Dy

## Mir sin um gude Wé!

**MER SIN UM GUDDE WE!**  
No der Oemwiesselong vun Geld ass och eng prinzipiell Festléng vun de Preisser a vun de Le'n erfolle'cht, an zwar eso': D'Le'n gin óm 60% me' he'ch, we' se virum 10. Mé 1940 woren an d'Preisser och, so'

	virum 10. Mé 1940	haut
Botter	10.25 Frang	19.— = 85% me' deier
Gromperen (de Maler)	70.—	200.— = 185% „ „
Steckerzocker (de kg)	3.90	8.70 = 123% „ „
Flésch	7.—	11.— = 59% „ „
Speck	5.90	11.80 = 100% „ „
Margarine	4.50	9.80 = 118% „ „
Irbessen	2.35	3.— = 27.6% „ „
Nuddelen	2.35	3.— = 27.6% „ „
Cigaretten	2.—	12.50 = 525% „ „
Esseg	1.85	6.60 = 270% „ „
an eso' virum . . .		

An do soll én sech nach wonneren, wann de' kleng Leit revolutionnár Idie kre'en. — Mácht Urdnong ir et ze spe't ass!

**ASS ET WIRKLECH WO'ER?**

Ass et wo'er, datt de' Dég 5 Camioen durch d'Land fure sollten fir Liéwesmóttel ze sammelen, an datt se keng Erlabnes kre'e konnten fir ze furen?

Ass et wo'er, datt de' selwecht Zeit e Camion op Bre'ssel wor fir . . . Drauwen stehen ze furen?

Am Fong geholl si jo d'Drauwen och me' wichtig we' de Botter. . . . F. s.

En Abonnent schreiw't ons:

**150— Frang fir e Pond Botter?**

Knapps sin 2 Dég vergángen, datt den Här Staatsminister Dupong eng gené Rágelong vun de Preisser usét, könt net haut schon é vum dénen Häre „Schieber“ zu nür an erzielt mer eppes vun engem Steck

datt d'Verháltne's töschent de Le'n an de Preisser datt selwecht ble'f. Mir wöllen hei net driwer schwätzen, ob de' Le'song gudd ass oder net; mir stelle nómme fest, wat all Mónsch des Dég an de Gescháfter geseit:

Hám, dat d'Union hátt solle matt op Pareis huelen. Ma well neischt aus der Sach gin ass, wólt hié mir et verkafen. We' ech hién nom Preis gefrot hun, sét hié ganz ongene'ert: „ómmen 200.— Frang!“ — Ech duecht, ech hátt schlecht gehe'ert, ma d'Hám go'f dofir net me' hólleg. Mir ass d'Gal bal iwergelaf, awer als ziviliserte Mönch wosst och nach, wat ech ze din hátt. „A we' wár et dann matt engem Pond guddé frúsche Botter? Ech ge'f lech et fir 150.— Frang.“ Elo wor et ower Zeit, dass den Här d'Klensch an de Grapp geholl huet, soss hátt en emol könne gesin, we' schótzeg é vum drótte Stack op de Parterre komme kann. Dat ass bestömmt net de' énzeg, de, eso' passe'ert, an och ganz secher net de' lescht, wann de' Hären net eso' bal ewe' me'glech op d'Fangere geklappt kre'en. Ch. W.

## Trei.

Mir hun der Freihét Trei geschwur: fir si mir stin a falen, an d'Hémehchtsle'f't dé't allegur ons fest zesammenhalen.

A sollt och d'Welt a Stecker gon mir stin ewe' é Mann, fir d'Hémehcht haut mir alles won wat ómmescht woe kann.

Könnit och muench batter, deischer Stonn de' ons bal nidderdreckt, mir wóssen, datt ons Freihétssonn ons nés geschwó begleckt.

O Hergott, sén ons Charlotte le'f an tre'scht och Si am Schmier, Du wéss, mir droe jo so' de'f Hirt Bild an onsem Hierz.

Wa mir dann denken un de' all de' matt ons hu gestriden, de' ste'ts bese'lt vum Ideal den Do'd fir d'Land erlidden.

Da sti mir stolz an Hand an Hand virum ons Charlotte hin: O, Kuck, Dei sche'nt an hierzegt Land, a we' so' trei mir sin.

1943. Germaine Hoscheid.

# E Vollek stét op!

(Eng aner Stömm.)

An der zwéter Nummer vun der „Hémécht“ gôt de Fro und ugeschnitten, wo dat kléngt Letzeburger Vollek sech ewe' e Mann erhuene an d'Rido zerrass, wo matt de Preis d'Lige vun der „Enekgët“ drüner verstoppe wollt, fir datt en d'Wo'recht net erkenne soll.

Dat war wirklech eng Dot, de' an d'Geschicht gehe'ert.

Et ass den Dag, den dem treje letzeburger Patriot d'Vertrauen erömbrecht an den Héméchtsgeschicht, an de Freiheitsglawen vu senger Brüdder, de' aus Furcht ewe' d'Pördchen dardurch gawe' woren, a wat den Dag erem op de feste Wé bruecht go'f. Le'wer do't ewe' Sklav! Dat wor vun dem Dag an d'Paro'l och vun dénen, de' an engem schwächen Ableck sech verléde gelos dé Wösch, dat Verre'dersteck vun onse Verre'der ze önnerschréiwen, wuefir si iwengens spéder schwe'er dröner gelidde, well si beflass, sech eso' ze verhalten datt en se ower nach konnt vun de Verre'der önnerschréiden.

We' démons dem treje Patriot dat Schröftsteck virgeluegt go'f vun onsem Verre'derklub V. D. B., fir anzewölle mat onser Önnerschröft, datt mer frei-wölle ge'fegle begriene „Heim ins Reich“ gefe'ert ze gin, du huet jidder brawe Patriot sech gesot „Néni!“

Et wor en Zinissim sonnergleichen, fir dat vun engem sriei Mönch ze verlänge, wo' de „Führer“ ons dach feiertech ons Freiheit an Onofhängékéit versprach.

Et war e Verre'der geschicht un onsen hélegste Gidder dem letzeburger Vollek de' ongeheir bluddeg Krichsschold op de Bockel ze lueden, de' de Preiss démons scho geschäfen we' hien friddelech Demokratiene ewe' E'streich, d'Techechlowakei, Polen, Dänemark, Norwegen, Holland, Belgien a Letzeburg iwerfall huet fir se der deitscher „Volksgemeinschaft“ freiwölle unzeglidder.

Domatt hätt mer jo och onsen demokratische Brüdder, de' ons d'Freiheit an d'Onofhängékéit erkämpfe wollten, an d'Gesicht geschloen.

Kén Dréen, ké Jéitzen, keng Bätisch, ké Prising konnt ons eso' weit brengen, datt mir de Schröft gedoen.

Durfir si mir och eso' verwonnert, datt do de' drei a brawe Patrioten, de' dé Wösch net önnerschréiwen fir „Heim ins Reich“, mat kengem Wuert ernimt gin. Och si mer nach me' verwonnert, datt et eso' durgestallt gôt ewe' wann de Klub vun der V. D. B. vu vieren a „Fiasko“ gewiescht fir de Preiss. Lösse mer ons net selwer bele'en. Wién en Onrecht ageseit, huet et schon halfe gudd gemäch. De Letzeburger wor net gewinnt ze kämpfen fir seng Hémécht, durfir hun ons demokratische Brüdder ömmer de Kapp missen durhalten, wurfir mer hinne op de Kne'e „Merci“ soen.

An de Klub vun der V. D. B. war och nach läng net vu vieren a „Fiasko“, — Sichzégdausend erwuesse Mönchen op eng Kappzul vun dreihonnerttausend, fir dat wat si önnerschréiwen, dat war gewöss ké Kätzendreck.

Ewell we' d'Patrioten datt gesin a gehe'ert, do hun se schon d'Koffere gepakt an sech op alles gefasst gehalten, a matt recht! All Bürgerrechter go'winne binne gestrach an all Wässer go'f hinne olgegruene, wann si sech net ge'wen matt hirem Trotz.

Ver géiwens hu mir ronderom no déne Pohunne gekuckt de' virum Krich a Fridenszeiten de' farweg Riéder geschloen, we' datt nach eppes abruecht huet. Um Buedem rollen d'Märterkro'nen, Well jidder wöllt sei Liéwe scho'nen.

Eso' datt d'Zuel vun déne Brawen zsummegeschmollet ewe' de Botter an der Somm. Wo' sin de bliwen de' a Fridenszeiten hir leschd Dröpps Bludd fir d'Hémécht hiegin? A wat machen se hau, wo' et hard op hard gét? Gewöss net ewe' den Zaldot, de' Fra a Kand verlést fir seng Hémécht op der Grenz ze stoen!

Wat datt Sche'nt op deser Welt, Héméchtstéit an Héméchtstrei, A wién emol durfir fällt, Dé gôt net verjéisse eie, Hié verlést jo Fra a Kand! Stürwt fir d'Freiheit a sei Land!

Am Moment vun der Gefor Huet hie, wat him le'w, verléss, D'Hémécht brauch hién! Dat ass klor! An si riffen en net ömso! Nu verlést hié Fra a Kand, Streidd fir d'Hémécht a sei Land!

A nu stét hién do a wächt, gôt seng Uerder weider fort, Op et haukt an op et krächt! Hié stét fest a léft net fort! Hién hält Wuacht fir Fra a Kand! Fir hir Freiheit an hirt Land!

Pang! Do huet et ageschloen! Steng a Stöps! En Häfe Schott! Dora leit hié we' zerschloen, A sei ganze Kierper bludd. Hié verbludd sech fir sei Land, Fir seng Fra a fir sei Kand.

Mudderse'le ganz eleng! Op der Grenz de' hié gehitt, Dröpst sein Hierzbludd nun an d'Ste. Drenkt seng Héméchtsscholl sei Blud. Fir seng Freiheit, fir sei Land, Fir seng Fra a fir sei Kand.

An nu könnt der Do't geschlach, Well sei Liéwe gét zo' Enn, Ma nach e' him d'A gebrach, Hié't ge'nt Himmel hié seng Hä. „t'gét fir d'Freiheit a mei Land, Fir meng Fra a fir mei Kand.“

Do'll d'Gesicht nach tre'neficht, Tre'nen, de' eng Spröch geried, Wo' hir Wieder e Gewicht, We' dat allersche'nt Gebied. D'ass fir d'Fra a fir sei Kand, Fir hir Freiheit, an hirt Land!

Stierw fir d'E'er, d'Héméchtsierd, Stierw fir d'Hémécht an dei Glaw, Dann eleng huet d'Liéwe wért, An du liews nach iwer d'Graw! Helde stierwe fir hirt Land! Glaw a Freiheit! Fra a Kand!

Dat ass eng Héméchtstéit! Dat ass Trei zu Glaw an Hémécht! Wo' sin d'Pohunnen vun den he'ge Krésser?

De' nach gete'nt bei der Johonnetfeier! War d'Héméchtstéit bei dénen da Pobeier? Ewell si sin fir „Heim ins Reich“ presse'ert, Wo'w' och kén Héméchtsglaw si dru geste'ert.

Ma d'Letzeburger de' de Glaw verbonnen Mam Héméchtsgeschicht, de' scheien och [keng Wonen, Si halen dur! de' bleiwe wat se waren!

An trötzen dem Verrot! An de Barbaren!

We' nun de' drei Patrioten den 10. Oktober 1941 de' 75 Prozent bei der Ostömung zsummegetrompt, dovun können de e Liddeche sangen, de' an der Organisatio'n vun de Patriote gestanen an deKapp durgelalen; de' wocheläng virum dem 10ten Oktober 1941 ganz Nuechten mam Revolver am Grapp an Autoen a Riéder durch d'Land gerost, op d'Strösse geschriwen an Ziedelen an d'Land gestret; „Bleiw Letzeburger!“

We' nu lues a lues all Föller hinne fortgeschwommen, du hat d'Stonn geschloen, wo' de Patriot durch dem Preiss seng Methoden d'Wässer op d'Mille gedriwe krut.

Eso' kont hién d'Gefir mam Pördchen erem un d'Stoen kre'en, wat op en Hor dardurchgäwe wär, a gleckse'leg hun d'Patrioten d'Fest gefeiert wo' de verluere Son erem hém ko'm, de sech geschwur hat: „Le'wer do't ewe' Preiss!“

## Nationalerze'onk

Gelédwurd

Il faut que la patrie soit sentie à l'école! (Michelet)

Et ass net iwerdriwen, wann é behapt, datt de Patriotissem (Héméchtstéit) eso' all ass we' d'Mönchsheit: En ass jo mat demeschte Mönch entstanen. Den Uri, wo' den „Adam“ sein Hém opgeschloen, de Köpp Ierd, wo' en seng Kanner opgezillt, wor datt e'scht Héméchtland, Zönerhir huet d'Zuel vun den Héméchten matt de Mönchen zo'geholl; datt beweist, datt e mystescht Band bestét töschent dem Mönch an der Ierd, wo'rop e gebur ass; datt beweist, datt d'Héméchtsgewill fortliwet, eso'lang d'Natur vun Mönch net ännert. Allerdengs ass datt Gefill, datt mir Patriotissem nennen, gewösse Veränneronen önnert: Aussenönmstänn wirken op d'Héméchtsgewill matt gro'sser Kraft an; ower det Gefill ass dem Mönch absolut ne'deg an durfir bleiw et am Fong och ömmer datselwecht. All gro'ss Philosophen hun et stode'ert a konnten net Wieder genuch fannen, fir sei Luef dran ze kléden; all gro'ss Vollekserze'er — vun de leschte Johonneten zomol — hun durfir verlangt, datt d'Scho'l, de' matt der Erze'onk charge'ert ass, och de Kult vun Héméchtsgewill an hire Programm schreiw sollt, fir de Kanner eng „Nationalerze'onk“ ze gin. „Voulez-vous que l'enfant aime sa patrie? Apprenez-lui d'abord ce que c'est que la patrie; le sentiment suivra et s'attachera spontanément à l'objet connu.“ (G. Compayré, Pédagogie, p. 183).

Um Scho'lmeschter ass et, dem Kand ze soen, wat d'Hémécht eigentlech ass; Papp a Mamm losse vill ze dacks det wichtigste Element an der Kannerze'onk lenks leien. „C'est pourquoi on a reconnu aux instituteurs ce beau et si grand rôle.“ (G. Duruy, Ecole et Patrie, p. 10). D'Natio'n riff d'Scho'l zu Höllé fir dat Wirk, datt d'Héméchtshaus bröch leie le'sst, ze beléwen, datt et Ble'en a Fricht droe soll. „L'instituteur est un homme à qui le pays confie ses enfants pour que la discipline exercée sur eux par le moyen tout puissant de l'éducation commence à faire de ces enfants des citoyens c. à d. des défenseurs de la patrie. Entre l'instituteur et le pays existe donc un contrat. La patrie l'emploie et le salarie pour être servie de lui.“ (Duruy, E. et P. p. 35). Et ass wuel wo'er, datt d'Héméchtsgewill engem net direkt ageplant ka gin. „Mais il y a compensation: c'est qu'il se communique. La sensibilité est contagieuse. L'amour naît d'un autre amour.“ (Compayré, Péd. p. 184).

De' sche'n a gro'ss Roll, vun der dé gro'sse franse'sche Pädagog schwätzt, go'f bis elo e'schter schlecht we' gudd an onsem Land vun der Scho'l gespilt; e gudden Déi vun der Haptschold fällt ower op de' ongönschted Aussenönmstänn. Dat ass ower ké Grund fir net matt enger Iwerliewong ze brüchen, de' onsem Land schon eso' vill geschued huet; datt ass ké Grund fir net Dag fir Dag a matt Stolz de Kanner ze schwätzen vun hirer Hémécht, de' vleicht arm a kleng ass, fir ons ower alles bedeit. Et ass ze hoffen, datt des eidel Plaz am Programm vun onse Scho'len endlech verschwönn, önnert dem Drock vun der gro'sser No't, an der d'Hémécht ass an durch d'Awierken vun de nationalisteschen Idéen; et ass datt emso' me' ze wönschen a matt alle Mötelen unzestriéwen, wann é bedenkt, datt den e'schte Stén, op dem de ganze Bau vun der „Natio'n“ sech erhiéwt, neischt anesches ass we' D'Nationalerze'onk. „La clef du bonheur futur pour une nation, s'ét de Chef vun dem franse'schen Nationalissem, M. Barrès, c'est l'éducation patriotique.“ (Scènes et doct. du nat. p. 111).

### Kapitel I.

Définitio'n vun Patriotissem. — D'Pappel land an d'Kand. — Le'ft zum Hémécht buedem: Le'ft fir d'Familjen: Gefiller, de' de Patriotissem virberéden.

Trei zur Hémécht sech bekennen! Trei dem Wuert an dem Versprieche! De' sech Letzeburger nennen, Wöffen och dé Schwur net brüchen!

De' nach uechten wat eng E'er A wat ugestamte Rechter; De' net grad ewe' an De'er Ké Respekt viru Geschlechter.

De' nach trei dem ale Glawen, Dén hir El'eren se gele'ert, Wo' och nach de leschte Brawen, Le'wer do'll we' d'Ligen e'ert.

Mir hun de Preisen also den Töppel op den i' gelat!

Mir kommen an d'Geschicht o'ni datt si ons bei de Bartmecher schecken, datt kén ons Stoppelen an de läng Hor soll gesin. Mir brauche net rafistole'ert ze gin. Eso' we' mer waren solle si ons huelen, de' eng, we' se de Kapp gehalten, de' aner, we' de verluere Son, de' mir erem an ons Aere geholl hun.

Eso' solle mer an d'Geschicht gon. Dat ass schon e dichtege Mönch den seng Schwachheit erkannt, an durop gelidde huet fir seng Hémécht, andém hién erem gudd gemach, wat hién u senger Brüdder verbrach, de' eng Zeit am Léd woren, et ge'ng zum Deiwel.

Eso' datt de' Trei, Gôt verzei hinne dé Fluch, gewönscht hun: „Wann net me' Héméchtstéit a Freiheitsgeschicht am Ländchen opzedriwen sin, da soll den Härgott Feier vun Himmel réne lassen, datt dat Land a Flamen opgét, well hatt et jo net verdegnt, datt d'Freiheitssonn et nach émol beschengt.“

Zum Gleck hu mer ons am leschte Moment nach opperat an ogerlicht.

Eso' go'f e klengt Vollek gro'ss am Sturm vu 1940—1944, an apart den Dag vun 10. 10. 1941, wo' d'Letzeburger Vollek sech d'Freiheitssonn eruert huet.

W. D.

tés et nourris, étant vivants, les recevra en son sein quand ils seront morts. C'est un sentiment naturel à tous les peuples. Thémistocle, Athénien, était banni de sa patrie comme traître; il en machinait la ruine avec le roi de Perse à qui il s'était livré et toutefois, en mourant, il oublia Magnésie que le roi lui avait donnée, quoiqu'il eût été si bien traité et il ordonna à ses amis de porter ses os dans l'Attique pour les inhumer secrètement. Dans les appr'ches de l'amour où la raison revient et où la vengeance cesse, l'amour de la patrie se réveille; il croit satisfaire à sa patrie, il croit être rappelé de son exil et que la terre serait plus légère et plus bénigne à ses os. (Bossuet, Politique tirée de l'écriture sainte). Ent stét fest: D'Le'ft zur Hémécht an zum Héméchtshaus ass emso' me' stark wat se me' durch Kommer a Léd op d'Prof' gestalt ass gin. „C'est dans la souffrance surtout que les peuples entendent la Voix de la terre.“ (M. Barrès). De Chateaubriand huet datt selwecht festgestalt: „Un sauvage tient plus à sa hutte qu'un prince à son palais.“ D'Wirklechkeit ass do, fir ze beweiene, datt vun allen Arbechter, de' an d'Friemdréiwe gin fir hirt Liéwen ze verdéngen, grad de', de' an méchtchen an hirer armer klenger Hémécht gelidde hun, fir d'e'scht des erömmen. Matt Recht s'et den Här Prof. Dr. Ries a senger Konferenz iwer de Patriotissem: „Wir fühlen uns nicht gedemütigt, eine Heimat zu besitzen, die armselig und elend ist im Vergleich zur Heimat eines anderen. Und überfällt uns

eines Tages das Verlangen, mit vollen Segeln in die Welt hinauszufahren, immer werden wir uns zurücksehnen nach unserm Heimatlande, nach unsrer Wohnung voller Mängel und unsrer schlechten Lebensweise, denn hier allein ist Friede, hier allein sind wir stark und mutig.“

Dat tröft ganz besonnesch op d'Familjenhaus zo'. D'Kanner vun den arme Leit hun am méchte Me', fir sech an der Scho'l dohém ze fannen; an der Scho'l si se dach gewöss besser ogehuwe we' do'hém, wo' si eso' vill Misär gesin; trotzdem verlänger se matt aller Kräft no hém a se denke bestänne un de' dohém, matt dénen s'ewell net me' we' fre'er all Léd a Schmierz déle können. D'Kräft vun Léd kann net ugezweiwelt gin. Et ass d'Ongeleck, wat d'Mönchen am méchtchen zsummebrennt a si matt allem verbönn, wat se ömget. An der Geschicht vun letzeburger Land fanne mir Pro'we genog derfir; de' lescht date'ert vum 2. August 1914. Wie wöllt do léchen, datt de M. Barrès Recht huet, wann e s'et: „Rien n'exalte plus le sentiment patriotique, basé sur l'amour du sol natal et de la famille, qu'un grand malheur.“

L. K. (Get fortgesat)

Des philosophesch-pädagogesch Arbecht vun Prof. Lucien Koenig aus de Joren 1917-18 ass nach haut aktuell. Mir drecken se matt der Erlabes vun Autor, de' jo och ömgesiedelt ass, of aus der Natio'n Jor 2-3. D'Redakto'n.

## Nach emol d'Examensfro

(Eng aner Klack)

An der Nummer 3-4 vun der „UNIO'n“ ass en Artikel erschenen „Iwert d'Examensfro“. Den Auteur plaidéert eng cause, de' wuel vu vira verluer ass! E schreiw vill Wieder zsummen, fir am Fong weider neischt ze son, we' datt senger Ménong no all preisesch Examen — den Artikelschreiver nennt se ganz delikat „Krichsexamen“ — mat Haut an Hoer missten unerkannt gin. Niewebei gin dann nach e puer vag Behauptongen opgestallt, de' awer net am gerengste bewiwe gin.

Ma Ent emol vir ewech: Et ass nach nie, we'ngstens net vu studentescher Seit, gesot gin, et wir „Landesverrot“ gewiescht, önnert de Preise weider ze stode'eren, obschon et jidderemeng freigestallt war, d'Studium opzegin. Dat allerdengs war dem Här Artikelschreiver net bekannt, we' et schengt. Mé et ass behapt gin, an zwar vun eis, zo' déne preiseschen Examen wire onsem de'je'neg zo'gelöss gin, de' an de Preisen hiren Aen eng gewöss „Gewähr“ gebueden hun. Et ass ville Kandidaten iwerhapt ere'scht dodurch méglech gewiescht, hir Examen ze bestoen. Beweis: Et hu verschidde Leid en Diplom kritt mat allerhand sche'ne Prädikaten, de' önnert dem Letzeburger Regim längst d'Klöppele bei d'Tromm geheit haten. Eleng de' Tatsäch le'sst licht op de Wert vun eso'engem Exame schle'ssen.

Zwetens sin d'Trimestere vun 3 Me'nd als hallef Joren ugerechent gin. Dröttens waren d'Matiéren délweis eso'weit reduze'ert, respektiv durch reng nationalsozialistisches Stoff ersat, datt vun dem, wat fir eis fre'er Exame virgeschriwe war, net me' ganz vill iwreg bleiw.

Ver'tens erönnere mer drun, datt eise Staat nach ömmer eleng d'Recht huet — mat Ausnahm vun den Ingénieurs- an Architektenexamen — d'akademisch Graden ze vergin. Fir do einfach durch en arrêté d'Affair am Sönn vun de preiseschen Examen ze regléeren, datt wir nun dach e we'neg ze vill bequeme. Wat de' Fro ubeläng, si mer awer net am gerengste beno'ngt. Ons Regirong vertröft Gott sei Dank e ganz gewöss Standpunkt, we' de' zo'stännege Hären ons bei verschidde Bespreechongen ze verstoe gin hun. E Muster hu mer jo um arrêté iwert de Premiérexamen kritt, an et kann eis sech nömme wonneren, datt et der iwerhapt nach get, de' sech datt anescht virgestallt haten.

Et huet nämlech nach ké Mönch verlang, datt de' soll Studie missten nogemäch gin. Et soll nömme virgeschriwe gin, datt d'Examen en nogeholl gin. Da fällt datt Argument vun der Finanzfro so'we'so' ewech. (Wa mer wöllt bössge gin, da könnte mer am Ge'gendel de Spiess ömder'en, an e puer Wuert iwer hölleg Studie matt preisesche Marke verléeren!)

Et gin nämlech nömme zwo' Me'glechke'ten. Entweder de Kandidat huet sein Diplom mat Recht: An dem Fall därf et en net schwe'er falen, seng Wissenschaft

virun enger seriöser Kommissio'n önnere Beweis ze stellen. Oder en huet sech en op irgend eng donkel Mane'er erschlach; dann darf e jiddefalls net verlänge, sei preisesche Pobeier o'ni Wert a gud Letzeburger Mönz ömgeiweselt ze kre'en.

Am iwrege muss an déne verschidde Wönschschafte de Problem op seng ege Mane'er gele'st gin. Et hun sech a Studentekreesser Delegationen zsummegefond, de' dem Unterrichtsdepartement ganz konkret Virschle' man. An zwar sin sech do bei de' zwo' Interessengruppen nach net emol so' ganz onénege.

Hei sin nach ganz kurz de' wichtigst allgemeng Fueerderongen, de' vun déne suspende'erte Studenten erhuewe gin, a vun déne si op ké Fall zreck stinn:

1. D'Matière sin eso'weit ze reduze'eren, datt se sech an he'chstens 2 Joer vun déne méschtere lössen, de' nach gung keng letzeburgesch Examen hun. Alles, wat net obendengt wichtig ass, muss eben ewechgelöss oder beschnidde gin. Villes le'sst sech nach spéder nobuelen; a wann och emol hei oder do eng Nieweschlechheit net berücksichtig get, da bidd de Kandidat jiddefalls a charakterlecher Hinsicht eng gro'ss Garantie, de' net z'önnerschréiden ass. Dat alles wöllt awer net soen, mir hätten ons Exame gár geschent.

2. Keng zeitlech Beschränkongen, wann de Kandidat sech zo' enger Prüfong stelle wöllt.


3. He'chstens zwé Examen: den e'schten als Virberédong fir de'je'neg, de' nach gung keng letzeburgesch Examen hun, dén aneren als Schlusseexamen.

4. Staatlech Subsidien fir de'je'neg Studenten, de' net an der Lag sin, hirt Studium selwer ze finanzéeren.

5. Sicher Garantie, datt déne Suspende'erten hire Rang vis-à-vis vun hire Komerode respektéert bleiw.

Dat alles si Mindestfueerderongen, önnert déne mer et op ké Fall dongen. Et ass selbstverständlech, datt heidurch d'Rechter vun eise Komeroden, de' dese Moment nach hei sin, net ageschränkt gin, am Fall wo' si nach aner Conditio'ne stelle wöllen.

Eppes wöllt mer nach beto'nen, well der vill scho jeitzen, ir se mol gebass gi sin: Et leit eis ferene, eise Komeroden, de' önnert de Preise stode'ert hun, hir Carrière brüchen ze wöllen. Mer sin ower och net gesönn, eis op d'Ze'ven tröppelen ze lössen. Mer hun an déne we'er Joer kén Ableck gefart, fir de Preisen de Kapp durgelalen, wann et och nach eso' gele'erlech war. Mer werden elo wuel zecken, wo' et em eis egen Existenz gét! (Iwert d'Helldentom vun dénen anere Studenten, de' an déne 4 Joer vun hirem Studium önnert eso' engem schlömmen Drock stongen, hu mer eis durch den Artikel mat Dank opkläre gelos.) Mir hun Dag fir Dag an Nuecht fir Nuecht zsumme mat eise Komeroden aus dénen anere Beruffer eist Liéwen fir



# Eng Stömm iwer d'Hémecht

eis Hémecht op d'Spill gesat, a muncheré vum déne Beschten ass net me' do. An net fir d'lescht eise organisierete Widerstand ass et zo'eschreiwén, dat iwerhapt nach de' Joergäng önnert 1920 stode're konntén, aplaz dat si o'ni de Widerstand mat déne Jéngeren an der preisescher Wehrmacht gestanen hätten. Well eleng dé Widerstand huet d'Preisen dru gebönnert, weider Joergäng anze'e'en. Et ass eis awer net bekannt, dat de'je'neg, de' vum eiser Resistenz profite'ert hun, durch Straik, Karten-Zreckschecken oder aner Manifestatio'nen eise Widerstand önnertstötzt hätten.

Elo verlänge mer nömme'n, dat de' ganz Examensfro eso' gele'st get, dat jidderén, dém d'Trei zu senger Hémecht me' gegollén huet we' en Examen, zu sengem Recht könnén.

## Eng Grupp Studenten, de och suspende'ert waren.

P. S. — Fir hun an onsem Blat be'den Opfassongen Plaz gin. Am „Wort“ vum 25. 10. 44 stét och en Artikel iwer d'Examen mam Oennertitel: „D'Stellungnahm vum Zentralcomité vum der Unio'n“. Des Explikatio'n berot op engem Irtom vum Artikelschreier. Den Zentralcomité vum der Unio'n huet bis elo zu deser Fro na net Stellung geholl. Den Artikel an onser Nr. 3-4 ass nömme'n de Ménongsausdrock vu verschidde vun onse Member.

d'Redaktio'n

An der Unio'nszeitschröft „d'Hémecht“ liésen ech am Artikel „Allerhant öm d'Hémecht“ e pur Satz iwer d'Schreiwweis vum onser Spröch.

Ech hätt dozo' ganz kurz dat hei zu bemirke'n.

Et bestét bis haut nach keng definitiv unerkannt Schreiwweis vum Letzeburgesch. De' provisoiresch unerkannt Schreiwweis ass d'Orthographie Welter-Engelmann.

Grad we' de' Ausdrocksmé'glechkéten an der deitscher, englescher a fransescher Spröch sech net vun haut op mur entwickelt hun, eso' kann och den Ausbau vum Letzeburgesch net am Handömdre'én dekret'e'ert gin, an et ass och secher, dat un der Orthographie muenches muss geännert gin. Dofir muss eng Commissio'n ernannt gin, de' sech ganz gründlech mat dese Froen befásst; am beschten de'je'neg Commissio'n, de' fir d'Schafong vum letzeburger Wiederbuch beruf war, well et muss eng komplett nei letzeburgesch Grammatik ausgearbecht gin mat allem Dröm a Drum. Ere'scht wann dat gemacht ass, kann é richtig gesin ob de' nei Schreiwweis sech gudd durche'ere le'sst an ob se vis-à-vis vum der aler och Virdéler huet. Dat kann önnere Oemstamm eng Arbecht vum e pur Joer gin. Si mer dann eso' weit,

mussen de' ne'deg Scho'lbücher gemäch gin an da gét et an d'Scho'len mat onser Schreiwweis an onser Grammatik. De Rescht könnén scho vum selwan.

So' läng dat awer net alles ferdeg ass, soll an darf keng aner Orthographie age'ert gin, well d'Leit elo emol un eng gewint sin a well et der Entwickelung vum onser Spröch och schuede gef, wa mer all gudden Dag mat enger neier Schreiwweis ke'men.

An dem selwechten Artikel gét weider Riéds vum engem Virwurf, dén der Hémecht gemäch get, well et doran vu franseschen, deitschen an engleschen Artikelen wibbele soll . . . .

## Ons Spröch

Ons Spröch wär schwe'er, rau an ze' so' son der vill heibannen, jidder Bere'rong de' deng we', ké Streissche wär ze bannen.

Dat Urtel huet mer net gefall och konnt et net erdroen ech hu gefurcht op He'cht an Dall a kann haut frei gestoen:

Ons Spröch ass schwe'er, plomb an si gleicht jo onsem Buedem [hört. dén op den Arbechtsmann blo'ss wärt fir Garden draus ze spueden.

Ons Spröch ass rau, dat ka scho sin si gleicht de Leit de' gle'én voll Leit fir d'Land, an de' och gin an d'Graw o'ni ze le'en.

Ons Spröch ass ze', wann onverhofft e Friemen wöllt drop wéden, mé zart we' d'Ro's, a voller Doft wann si eng Braut soll kléden.

Nick Hoffmann.

Matt der Aentwert vum der Hémecht op dese Virwurf sin ech net grad accord.

Et ass wuel richtig dat mir Letzeburger och sollen d'Spröchen vum onsen Noper kennen; ech gin och zo', dat mer an onser Zeidong eng Adress un onsen Allie'ert richten op englesch an op franses'ch.

Ech gesin ower net an, fir wat dat Artikelen, de' un d'letzeburger Vollek solle gericht sin, op franses'ch oder deitsch kommen, also an enger friemer Spröch. Wat én engem Letzeburger ze soen huet, dat sét én op letzeburgesch. D'Franzosen gin dach och hir Zeidongen an hirer Spröch eras an net a friemen, an als Tro'scht eng kleng Beilág an der Hémechtsspröch.

# OFFIZIELL MATTELONGEN

fir de' Staatspensionne'ert, dénen hir Pensio'n ere'scht den 10. Mé 1940 festgesat go'f.

1. All Staatspensionne'ert Beamten a Wittfraen, dénen hir Pensio'n no dem 10. 5. 1940 festgesat go'f, sin heimatt opgefuerdert, o'ni Féel direkt dem Finanzministerium (3, Kongregatio'ngäss) de' Berechnong vum hire Pensio'nen anzusechen, de' hinnen vum der deitscher Zivilverwaltung sengerzeit zo'gestalt gi wor.

Fir e retard am Ausbezuale vum der Pensio'nen ze verhönnere'n, muss des Berechnong agescheckt gin.

2. De' Staatsbeamten a Le'erperso'nen vum Primärunterricht, de' an der Zeit vum 10. 5. 1940 bis zum 10. 9. 1944 pensionne'ert go'fen an elo erem Dengscht máchen, si gebiéden, dat o'ni Féel direkt dem Finanzministerium (3, Kongregatio'ngäss) schröftlech ze melen, an derbei ze bemierken, vu we'ni un si erem aktiven Dengscht man.

(Mattgedélt vum Finanzministerium).

D'Finanzministerium délt matt, dass de' al belsch Scheiner vu 50, 20, 10 a 5 Frang gestempelt oder net, als gesetzlecht Geld nach gudd sin a beim Bezuelen ofgehofft musse gin.

## Aus der Postverwaltung.

Vum 30. Oktober on funktionne'ert de Postscheckdengscht erem we' fre'er. De' e Postscheckkonten haten, könnén de' fre'er franses'ch an deitsch Imprimé benotzen andém se letzeburger Frang aschreiwén.

D'Guthaben vu Rm. vum 31. 8. an 17. 10. 44 owes gin ömgewiesselt zu 1 Mk. = 5 Frang.

De' Créancen virum 5. 2. 1941 könnén ower nom art. 14 al. 2 vum arrêté vum 14. 10. 44 zu 1.00 fr = 1.25 ömgeschriewe gin, wann se dofir al hir Extraien vum t. 2. 41—17. 10. 44 virweisen. Dat ass no'twendig, well de' Deitsch so'zessen al Dokumenter, de' heiprop Bezug haten, zers'ert hun.

Disponibel ass vum Avoir:

- a) entweder 10 Prozent vum Total op de 17. 10. 44 owes
- b) oder vum Total op de 9. 5. 40 owes. Wién heivun wöllt profite'ren, muss den 1. extrait vum 9. 5. an den 1. nom 9. 5. virweisen,

- c) oder awer 1000.— Frang pro Kapp vum Personal, wat soll bezuelt misse gin, wann et sech öm Geschäftsleit oder Gesellschaften handelt. Heifir muss den Interessent eng duebel Deklaratio'n aschekken mat der genéer Löscht vum Personal an enger Bescheinegong, dass hién op de Modus sub a) a b) verzicht huet an dass hié net bei engem anere Geldetablissement

Wann ech den Artikel „Préliminaires du redressement“ liésen, dén inhaltlech bestömmt intressant ass fir d'ganz Vollek, ma dén e gro'ssen Dél vum de Leit net verstét, da könnét et mech bal vir, we' wann den Autor dovun ons weise wöllt, we' gudd bié franses'ch schreiwé kann.

Nén, Dir Heren, et gét haut öm eppes anesches; weist dem Vollek, we' gudd dat der Letzeburgesch schreiwé könnét, a get lech d'Me' dozo', och wann et emol schwe'er fällt. —

Fir wat muss dén Artikel iwer d'Entwickelung vum onsem Nationgefill op deitsch erschengen? Zu wiém senger F'er schreiwé mir iwerhapt nach deitsch?

Ech sin dé leschten, dén d'deitsch Spröch ausrotte wöllt, awer fir deitsch Literatur ze fannen, brauche mer net grad eng Unio'nszeitschröft. Et get do wonnerbar sech'n aner Wirker.

Fir wat gi letzeburger Dichter sech d'Me', nach ömmer deitsch Gedichter ze schreiwén? Si könne jo ganz sche' geroden, ma we' vill me' sche'n wä're se an onser Spröch, a we' vill me' gro'ss de Verdengscht fir den Autor, wo' dach ons Spröch an der Beze'ong nach eso' vill verdroe könnét.

Ech mengt dach et wär fir jidder Dichter och eng nationl Pflicht, sech ganz der letzeburgischer Dichtung zo'zewinnen; de' deitsch an de' franses'ch gefen dabei bestömmt net zu Grund goen . . .

Eng Zeitschröft, de' de Num „d'Hémecht“ verdenge wöllt, muss fir d'Hémechtsspröch net nömme'n op engem Beilát e we'neg Plaz hun; nén, si muss de gre'ssten Dél dofir freigin.

Neischt fir ongudd.

Fs.

Mir brengen desen Artikel an der gudder Absicht, de' be'd Ménongen zu Wurt kommen zu lossen a me'glechst zo'enenze'ere'n, well wo' Spe'n falen fonkt et och.

D'Redaktio'n.

Betr. d'Schreiwweis. — De' Uréngongen musse mer un d' Commissio'n verweisen, de' sech domatt befásst. — Datselwecht gölt fir Gedichter, de' Gebiédförm hun.

Verschidden Zo'schröften konnte mer des Ke'er na net brengen.

Wat net opgehofft, get vernicht; wat anonym könt, muss an de Pobeierkurf goen. —

D'Redaktio'n.

Nei Publikatio'n. — Vrun ons leit dem Her Prof. Frieden sein e'scht Heft: Das Chaos, aus der Schröfterei „Cahiers du redressement“, Drock vum Worré. — Mir kommen an enger néxter Nummer nach

## English Club an English-speaking Union of the Gr.-Duchy of Luxemburg

Up to May 10th 1940, and under the high Patronage of the diplomatic and consular representatives of the two great Anglo-Saxon nations and of the Luxembourg supreme authorities, the English Club and English-speaking Union, founded in 1911, had carried on its work of encouraging the study of English and promoting English literature and culture. In the autumn of 1940 the Club was dissolved and stripped of its fortune by the armed invader. The committee now beg to inform numerous inquiring old members and the public at large that our society will resume, and enlarge, its activities, under a renewed and enlarged staff, as soon as circumstances will allow, that is, after the removal of the present-day difficulties, some of them being, for example, the mailing conditions, the procuring of books, and the finding of a club-room.

The committee of the English Club and English-speaking Union,

Den „English Club“, dén 1911 gegrönnét go'f, hat bis zum 10. 5. 40 önnert dem Patronat vum den diplomate'schen a konsulare'schen Vertriéder vum den zwé gro'ssen engelschesche Länner an den hexten letzeburger Behörden am Dengscht vum der englescher Spröch, englescher Literatur an englescher Kultur se'er sche'n Arbecht gele'scht.

Am Hirscht 1940 ass de Club durch den deitschen Okkupant opgele'st gin a sei Verme'ge go'f konfiske'ert.

De Comité délt nun op de' vill Ufroen vum hire fre'ere Member a vum der Populatio'n matt, dass den „English Club“ seng Tätigkét erem ophöllt matt neiem erwiderte Personal, eso' bal d'Emstänn et erlaben, d. h. no Beseitogong vum de Schwierigkéten am Verke'er, an der Zo'stellong vum der Post, an der Beschafong vu Bücher an engem geégnete Versammlungslokal.

De Comité.

## Verdédegong vu Vere'der

1944 gi mer hei, iwersat en Artikel „La défense des Traités“ erem, dén och fir ons vu gro'ssem Interesse ass.

„De Conseil de l'Ordre vum Barreau vu Mons huet beschloss, dass am Prinzip d'Verdédegong vum déne Perso'nen, de' op Grund vum den Art. 113—123 vum Code pénal ugesicht gin, freigestalt bleivt.“

Et ass ower, ass he'je Konvenienzgrönn, den Affekte verbuuden d'Verdédegong z'iwerhuelen fir de'

- 1) de' d'Uniform gen't d'Belscht a seng Allie'erten gedroen hun,
- 2) de' eng Uniform gedroen hun an den deitschen oder rexistesche Formatio'nen an Dengschter,
- 3) de' am Dengscht oder am Sold vum der feindlecher Police geschafft hun,

# Un all Sektio'n

An all Sektio'n ass é Mann ze nennén, dén sech em d'Press bekömmert, d. h. dén d'Zeidong krit a verdélt, d'Ofrechnegong besuergt an d'Gelder anze't, dén d'Lokalchronik an aner Beidrag sammelt an un d'Redaktio'n weiderléit.

De Mann ass direkt ze nennén a seng Adress der Redaktio'n mattedélen.

Hién huet bis zum 1. November 1944 d'Ofrechnegong vum Unio'nsorgan „d'Unio'n“ fir den Oktober der Redaktio'n. Letzeburg, Eck Philipsgäss an Oenneschtgäss, anzusechen mat der genéer Memberzuul, soss muss d'Liwerong gestoppt gin.

Den Abonnementspreis ass 5 Frang pro Mo'nt a pro Member, de' matt der Ofrechnegong un de' selwecht Adress ze schekken ass.

Jidder Member an Abonnent soll sech eng E'er draus máchen, fir gudd bemöhtét Letzeburger fir de Pressfong vum Unio'nsorgan ze interesse'ren. Fir dén Zweck hu mer an der leschter Nummer eng Sourscription'slösch opgemat. Et get am Land nach Leit genug, de' ons gudd Sach önnertstötze wöllén, wa se nömme'n drum önnert gin.

4) de' dem Feind Höllé' bruecht hun a sengem Krich.

An all déne Fäll get dem Ugekloten en Affekt d'office gestalt vum Bâtonnier. Wann desen Affekt, de' fir d'Verdédegong bestalt ass, net pläd'e're kann, muss hién dem Conseil de l'Ordre seng Grönn bekant gin.

D'Provisio'n an d'Honorar fir de' Fäll, wo' den Affekt d'office bestalt get, gi ganz de patrioteschen Arichtongen iwerwisen.“

## Matt Froen vermecht é neischt

E vun onse Korrespondenten schreiwél ons:

Ons öffentlech Verwaltungon (fir wat nömme grad de' eleng?), sollen elo iwerschwemmt gin mat Questionnären zum Ausfüllen fir de' Beamten an Ugestallten, de' den 10. Mé 1940 hei hu bleiwe misse'n, a vun dénen de gre'ssten Dél de' ganz Zeit önnert dem allerscharfsten Drock sto'ng. Dat d'Beamten bal all an der VDB, an an der NSV waren, dat wösse mer so'we'so'. Wann dofir de' ganz Affär ké blanne Manöver soll sin, da muss dach gekuckt gin, wat fir eng Plaz, watfir Befugnesser t watfir aner Avantagen jidderén an der Naziverwaltung hat. Et missten dofir och folgend Froe gestalt gin:

1. Hat de Beamten d'Recht, fir „im Auftrag“ vum Chef der Zivilverwaltung oder vum engem vu senge Kommissaren oder Referenten ze önnerschréiwén, a fu watfir engem?
2. Hat de Beamten eng Beförderung oder niewent sengem Gehalt oder senger Pensio'n e Kumul, a watfir é'n?
3. Hat de Beamten e Juegdpermiss? (Et wor nämlech heifir eng besonner politesch Bewähro'ng matt dem entsprecheden Zertificat vum Ortsgruppenleiter erfuert).

## Op der neier Bréck

E Börschtelchen vum e Joer 14 oder 15 off're'ert de Leit d'Unio'nsblát: 30 Su wannegglift.“

E Passant greift derno, iwerkuckt de' e'scht Seit, lést en Artikel op der zwéter Seit an och én op der drötter (we' et schengt de vum „sche'n Féel franses'ch am Tram“, well e lécht op emol hárd), lést och nach e we'neg op der leschter Seit a get dem Jong se erem andém e sét: „Wannegglift.“ —

Dén ass ganz puff a sét neischt, mé denkt: „We' gemeng, nach me' ewe' fir 30 Su.“

E we'neg drop, — de Jong huet seng Bléder bal all ofgesat — stét né's én do a kuckt sech „d'Unio'n“ un op der e'schter, dann op der leschter Seit a sét durup: „Et dé't mer lé'd, ech kann dat net liésen.“ —

Mei gudde Jong sét eröm neischt, hölt dem Mann d'Bád erem ganz poli of an denkt: „Schon eso' al a seng Spröch net könne liésen. Dat ass nach schlömmere ewe' gemeng, dat ass schon domm an net ze hélen.“

D'Expeditio'n vum der „Hémecht“ get vun elo un an dem Büro vum Tourissem gemat, dén op der Plessdarem am Cercle ass. Ons Memberen a Frönn sin also gebiéden sech dohin ze wenne'n, fir alles wat „d'Hémecht“ betröft. Ons Sektio'nen, de' dohi keng direkt Verbindung hun, könnén op dem We' iwer ons hir Bestellong máchen. Ons Redaktio'n lét se da weider.

D'Redaktio'n an Expeditio'n vum Unio'nsorgan ass un Eck Philipps- an Oenneschtgäss, önnenan.

Zo'schröften, Annoncen, Reklamatio'nen an Iwerweisongen sin ze schekken an ons Redaktio'n direkt. De No. vum Postscheckkonto vum der Press ass 6491. Onsen Tel. 58-32 Unio'n.

Uns Postcheckkonten sin:

Unio'n Zentralkés	3246
Önnersützongsfong	6270
D'Hémecht	768
D'Unio'nsorgan	6491

Billard, Kärt a Gesank, Derzo' de beschten Drank nömme'n am Café „Gudd Frenn“

**Leo Reifer**  
NIDDERKUER  
Freihétsströss 220

Scho'sterei

**Emil Folscheid**  
DEFFERDANG  
Märtsströss 27

Spezialité't: Schong op d'Moss, Bei Folscheid's Emil git der prompt a réell bedengt

Bäckerei-Pâtisserie

**Despret-Kamp**  
DEFFERDANG  
Freihétsströss 24

E'schtlassesch Wur — réellen Service

Schreinerrei

**Emil Krantz**  
DEFFERDANG  
Dicks-Lentzströss 33

Fir eng gudd a propper Schreinerarbecht wenn lech ömmer vertrauensvoll u meng Bau- a Miwelschreinerrei

Wié gér gudd a réell bedengt get, dé passe'ert beim

**Schambourg Leo**  
Metzler  
UEWERKUER, Gro'ssgäss

## Jungels Josy

Schneiderméschter  
UEWERKUER

Moderne Schnött, e'schtlassesch Arbecht, prompt a réell Bede'ngong

Brauch Dir e sche'nt Buch fir de' läng Wanterowender da git bei den

**Trierweilesch Metty**  
op UEWERKUER  
Uewerkuererströss

Wöll Der e gudd a sche'nt weisst Bro't éssen, da kommt an d'Bäckerei

**Josy Rommes-Ackermann**  
DEFFERDANG, Escherströss

Sche'n a passend Hitt mecht lech gudd a hölleg d'Modistin

**Aline Arend**  
NIDDERKUER  
Scho'iströss 8

De Rendez-Vous vum den „Unionisten“ ass am

**Café Paul Fonck**  
NIDDERKÉGENG

Wié Loscht op e gudde Pérdsbuff-deck huet gét bei de Metzler

**Felix Kneip**  
NIDDERKUER-DEFFERDANG  
Wangertströss 6. Tel. 82-16

D'Joermass fir eise le'we Jong a Brudder

**Tony KOHL**  
A. C., Bezirkschef

dé vum de Preisen an d'K. Z. no Hinzert a Wittlich verschléft war gin, an un de Folgen vum den ausgestanen Marteren sei jongt Liéwen am Dengscht vum der Hémecht huet misse lossen, get e Me'ndeg, den 30. Oktober, em 10 Auer muerges an der Parkirech zu Rodange gehal.

J. Kohl-Pletschette an d'Familjen.

De 6. September 1943 huet als treie Letzeburger am Alter vun 21 Jor onse le'we Jong a gudde Brudder

## René BOREIKO

sei Liéwen a Russland misse lossen. D'Joermass ass e Me'ndeg, de 6. November 1944, um 10 Auer am Rollengergronn.

An de'wer Trauer: Den Här an d'Madame Georges Boreiko-Harsch, hir Kanner an d'ganz Familien, Rollengergronn.

Fir d'Beiléd beim Do't vum onsem le'we Jong, Brudder, Schwor, Mononk a Frönd

## Jempy MOLITOR

fir d'Hémecht gefall zo' Schötter, de 15. 9. 1944, soe mir vu ganzem Hierz merci. En extra Merci fir d'Blummen an d'Messen.

E spezielle Merci un d'Unio'n. D'Familjen Molitor-Speicher an all Verwandten.

D'Schreinerrei

## Reisdorfer

KAYL, Te'tengerströss

mecht al Schreinerarbechten, propper a gudd.

Ste'op, mei Land.

Unionslied.

Text: Franz Biasfeld.

Musik: Albert Thorr.

Sheet music for 'Ste'op, mei Land' with lyrics in three columns. Includes musical notation and lyrics in German and French.

Sheet music for 'Ste'op, mei Land' with lyrics in three columns. Includes musical notation and lyrics in German and French.

AUS DER »UNIO'N«

Bo'neweg. — Gestuerwe fir d' Hémecht. — En Denschtg wor an der Herz Jesu-Kirch op der Gar en Denscht fir den Albert Colling vu Bo'neweg. Seng Kommoden aus der Unio'n a vill Leit hun dem Requiem beigewunt. Am Albert verléere mir e gudd Kommod, den an treier Mattarbecht a Pflichterföllung fir seng Hémecht gestuerwen ass. — De 6. September 1942, we' d' réze Land sech ge'nt d'Anze'e vun onse Jungen erhuwen huet, ass den Albert der Gestapo öhner d'Hänn gefall. Hié wost, dass e vun hinnen neischt Guddes ze erwaarden hätt, na en ass fest bliwen an ass ömmer agetratt fir sein a senger Hémecht Recht. Fir d'esch't am Gronn a spe'der an déne schlömmé K. Z. Lageren vu Natzwiler a Buchenwald gepengget, ass hién den 10. Abrel 44 zo' Bergen-Belsen der preisescher Brutalite't erlén. Kommod Albert, dein Affar war net emoss, matt dengem Liéwen hues du gehollef ons Freiheit erhalen. Der ontreschtlicher Mamm an der Geschwöster onst oprichtiget Beiléd. Dein Undenken liéwt e'weg an onsen Hierzer.

lescht Dég, wo' mir so' komerodschaftlech zesumme waren, bliewen ons onvergésslech. An der Ble' vun sengem Liéwen go'f hién vun ons gerass, a mir können ons net virstellen, dass seng frédeg Aen a sei gesonnten Humor net me' öm ons sin. Le'we René, heimatt wölle mir der äddi soen, well matt Wiederer kann én net ausdrécken, wat's du ons wars. Einstweilen muss du nach fér vun dohém a freiem, letzburger Buedem ro'en. Den Elteren a Geschwöster drecke mer heimatt ons herzlichst Beiléd aus. Der Unio'n vu Biber bliéws du, le'we René, ass treit a sche'nt Virbild ömmer an Erennung. Arwar, René, an enger besserer Welt. De'fferdeng. — Gestuerwe fir d' Hémecht. — Kaum waren d'Schöss iwer d' Griéwer vun de Jandeschjongen verhalt, do sto'ng d'Unio'n schon erem an Trauer fir e brawe, Letzburger Jong, de Roger Emeringer vun De'fferdeng. Vun der Wehrmacht desertere't, huet en sech zu Ermsdurff verbuerege gehalt, bis d'Freiheitsstion fir Letzburger geschlossen huet. Als der' eschter én huet en sech der Miliz zur Verfügung gestalt, fir seng Pflicht z'erföllén a sengem Land ze dengem. Durch Asschlag vu preisesche Granaten go'f e vu Splitter so' schwe'er getraff, dass e kurz drop senge Wonnen erlén ass. De' Schlag wor fir de' geuecht Famill Emeringer besoneschschwe'er, well kaum e Jor virduen a Bruder vun Roger a Russland gefall war. D'Begrieffness de 16. 10. vun Roger Emeringer war eng gewaltig Démonstratio'n vun Trauer virum dem ongeheiere Schmierz, den d'Famill Emeringer getraff huet. D'Bedélegung vun der ganzer Gemeng soll hir e kiengen Ausdruck vun Tro'scht sin. D'Unio'n suertg dofir, dass d'Undenken vun Roger Emeringer, de sei Liéwe gin huet fir d'Letzburger Hémecht, en e'wegt bliéwt. De'fferdang. — Aus der Unio'n. — De Sonntag vun 22. 10. 1944 sto'ng am Zéchen vun engem internationalen Fo'ssballmatch. D'Miliz vun De'fferdeng ge'nt eng schwärz amerikanesch Selektio'n. D'Tribünen an d'Gradins ware sche' ganee'ert, we' den Arbechter Pir Bommerz de Match ugepaff huet. Zwo' sche'ner Jofferer hun de Capitainen e Bouki iwerrecht, an dat ént krut eng schwärz Bés. D'De'fferdenger Musik spillt de' respectif Nationallieder, an et go'ng lass. Et huet e' gleich gesin, dass an Amerika de Fo'ssball net he'ch ass, well vu Spillregeln a Fo'ssball haten eis schwärz Frönn we'ng Anong. Si hun nömmen drageknuppt a wollten ömmer par force matt Ball an de Gol. Allerhand komesch Satz a Spreng go'fen ausgefo'ert an d'Publikum huet sech wonnerbar amese'ert. Eis Miliz huet lues gemäch, ma we' se hannen wollte wannen, do waren d'Amerikaner 4:3 gewonn. De Match go'f vun engem Amerikaner gefilmt, a wat wärten se geschwönn de'seit dem Pull staunen, wann emol an den Aktualite'ten de Match gewise get. T ass egal, ons amerikanesch Frönn sin hei we' dohém an d'gefällt en tipp-topp bei de Letzburger. Niewer der Fröndschaft kommen de' Matcher der Unio'n zum Gu'd-

den an eng sche'n Zömmchen konnt opefo'ert gin. To our american Football-friends from last Sunday: E great thank for her exhibition and we hope that it was not the last Match with our american friends. E. B. Miersch. — Verschiede Sektio'nen vun der Unio'n aus dem Kanton Miersch hun an de leschte Wochen niewer de Kledersammlongen och Geld zesummege'dron fir ons Evakue'ert vu Sauer a Musel a fir d'Ro't Kreiz. D'Geldsammlongen fir de' Evakue'ert hun de' folgend respektabel Zommen a Mark ergin: Sektio'n Lurenzweiler: Hönsdref 1012.50, Blaschend 513.—, Lurenzweiler 2327.50, H'élem/Bo'ffer 1767.50, é Lurenzweiler 20.— Sektio'n Huelmes: 90.— Sektio'n Brouch: 1310.— Bezirk Cruchten: No'mer 105.— Glabech 155.—, Schrondeweiler 1270.—, Cruchten 1921.— Bezirk Miersch: Rolleng 584.—, Bireng 350.—, Schöndels 257.50, Me'sdröf/Pätten 608.15, Recken 2849.—, Miersch 3306.—, Cegedel-Miersch 203.—, é Mierscher 40.—, en Iechtermacher 30.— Sektio'n Bissen: 7204.— Sektio'n Böschdref: 1321.—, an 100.— fr. Fr. Ausserdem go'wen fir d'Ro't Kreiz de' folgend Zommen gesammelt: An der Sektio'n Löntgen: 6362.61 RM. E Be'wener huet 25 M. spendet. De Verkauf vun 332 Erenplänen vun der eschter Nummer vun der neier Zeitschröft „Hémecht“ huet an der Gemeng Miersch en Iwerschoss vun 2804.25 RM abruecht, den och an d'Ro't Kreiz iwerwise go'f. Total vun alle Sammlongen: 38 438.96 RM. = 192 194.80 letz. Fr., 500.— belsch Fr. an 100.— fr. Fr. Dovun go'we gleich 1260.— RM. en etlech evakue'ert Iechtermacher verdélt, sir dénen Onglecke'leben iwer de' escht Schwiregkétén ewegzöhölfen. escht Schwiregkétén ewegzöhölfen. En hierzeleche Merci alle de noble Spender vu Kléder, Wäsch, Schong a Geld an all dénen, de' bei onsen Unio'nssammlongen mattgeholfen hun. Pe'teng. — D'Vereinsliéwen kent hei zo' Pe'teng och erem eso' lues an de Gang. D'Harmonie, de' vun eschten Dag vun der Libératio'n un bei alle Gelegenheiten erem mattwirkt, huet hire Solfégekursen erem agefo'ert „d'Société Chorale Hémecht“ ass ferm am Gang matt Pro'wen an och de' aner Vereiner, de' ve'er Jor lang sech zreckgehalén hun, huelen hir Vereinsarbecht erem op. Eso' hate mer de' vergange Sonntag de Progrés vun Nidderker zu Gäscht, de' matt dem Pe'tenger Club Sportif zo'gonschten vun Oennerstötzungs-wierk gespilt huet. De' Nidderkuerer hu sech musse buschten, fir dat Resultat vu 4 zo' 3 zo' hire Gonschten erauszeklappen. Et go'f hard ma fair gepilt. De Sportsleit sief heimatt merci gesoi fir hire sche'ne Gest. Durno, ge'nt halwer fönnef, go'ng durch de Pe'tenger Radio de' escht Pe'tenger Ve'erelstonn. Verschiede fervent Kräfte vun der Unio'n hate sech zesummege'don an hu gudd letzburger Sache virgedroen. Musek a Poesie hu sech ofgewie'selt. Als Alédong dem Siggy sein „U Letzberg“, durno eng nei flott Sach: „De Mönch an Schofspelz a Fussegre'sst“ vun J. Anen. Den H. Kirsch huet virgedroen: „Sei lescht Gebié'd“ an „Un ons gefale Jongen“. No engem Alédongswurt iwert de Batty Weber huet den Här H. Reiter d'Schlusszen aus dem „Sche'fer vun Asselbuer“ gespilt. De' escht Pe'tenger Ve'erelstonn huet gudd gefall a soll wa me'glech all Sonntag ofgehalé gin. Ge'nt den Owend ko'm e Convoi vun iwert 80 Letzburger aus dem Frankreich un, doröner de jengste Letzburger, den am Frankreich op d'Welt ko'm, e gesonte jongen Debbschen vun acht Me'nt. Der gleecklicher Famill Goergen wönsche mer besonesch Gleeck fir hirt Kand an der libere'rt Hémecht. De Büro vun Rapatriement hat d'Hänn voll ze dun fir all des Leit, besonesch d'Jongen, dénen d'Fréd iwert dat gleecklecht Hémmkommen aus den Ae gelicht huet, eso' se'er we' me'glech hémzeker'en, well et wor schon deischer we' de Convoi ukom'. Ma alles huet geklappt. De Sötzungssall vun Stadhaus, de' matt der Büst vun onser Gro'ssherzogin sche'n dekore'ert wor, wor schlubbervoll, we' den Här Kirsch ons le'f Rapatrie'ert wölkomm gehösch huet. Den Här Goerens vu Letzberg, den de Convoi geléd, huet geantwert. Hién huet de jonge Letzburger, de' elo erem dohém sin, nogeluegt, matt Hand unzelén, fir d'Hémecht erem opzebauen. De' zwo' Uspröchen go'we stark applaude'ert. D'Kontroll bei den Doktieren an d'Ausstelle vun de Pobeieren durch d'Polizei go'ng se'er, well alles an der Rei wor. Durno go'wen des 80 Leit an d'Hôtel Kirchen geléd, wo' alles prett wor fir sech unzesötzen. E gudd Sandwich go'f serve'ert an et huet alle gudd geschmächt. An der Töschentzeit go'f alles an d'Bei gesat, fir de' énzél Rapatrie'ert eso' weit we' me'glech hémzeker'en. De' méscht go'wen op Letzberg dirige'ert, wo' de Büro vun Rapatriement dat me'glechst gemäch huet, fir se all öhner Däch ze kre'en De' aner go'we vu Pe'teng aus hémgefo'ert. All dénen, de' sech em dese Convoi bemé't hun, sief am Numm vun alle Rapatrie'erte villmols merci gesot. Et wor bis elo de' gre'ssten Zuel Letzburger, de' zesummen zo' Pe'teng ukom sin. Fir de' escht Dég ass e neie Convoi ugemellt. Eso' kome lues a lues eis Leit erem, ma nach ass vill ze máchen an de Büro vun Rapatriement brauch niewer der onégénötzege Arbecht vu senge Leit och Geld a Wueren. Dofir erönnere mer drum, dat d'Oennerstötzungs'ommissio'n nach ömmer Geld unhölt. All dénen, de' hiren Obolus fir d'gudd Sach beisteieren, am viraus merci.

Pe'teng. — De vergangene Freideg, den 20. Oktober, hat d'Unio'n hir Member zesummege'ruft, fir an enger feierlecher Gedenkstion hire le'wen, deporte'erte Mattbirger ze gedenken, de' durch d'Brutalite't vun der Gestapo am K. Z. gestuerwe sin. Ganz Pe'teng wor an der Kirch, de' op d'sche'nt an Trauer gerösch't wor. E gro'ssen Hémechtsfuendel huet de Katafalk bedeckt an huet als Symbol vun der Freiheit kontraste'ert matt den Schwärz vun der Trauer. D'Unio'n wor komplett vertruuden. D'Porkira wor ze kleng, fir all Leit ze fassen, de de Famlijen vun de le'we Verstuerwenen hir Sympathie an hirt Beiléd beziei wollten. Zum Schluss vun der Mass, de' um Cäcilieverein durch sche'ne Gesank versche'ert go'f, huet d'Musek virun der Absolutio'n e feierleche Choral gespilt. De Schluss vun der kirchlicher Feier go'f matt dem Ofspille vun der Hémecht gemäch. Durno go'ng e gro'sse Cortége op de Kirch, wo' de' vun der Unio'n an den anere Vereiner gestöfft Kränz ne'er geluegt go'wen. No engem feierleche Choral, gespilt durch d'Stadmusek, huet am Numm vun der Unio'n den Här H. R. d'Wurt ergraff an e Liéwensbild vun desen treie Letzburger gezécht, we' nömmen én et konnt máchen, de' matt all desen Onglecke'leben vu Kanddoen un zesumme wor. Seng Schlusswieder: d'Hémecht gre'sst lech an Erem stöle Graw an der Friém. Schloft ro'eg. Eso' dacks we' Letzberg zo' enger Feiertonn zesumme'könt, eso' daks denkt och d'Land un de' de' iwert sech selwer erausgewe'st sin an hirt Liéwe gin hu fir d'Freiheit vun hirt le'wer Hémecht — woren e Verspriechen vun all dénen, de' um Kirch stongen, ömmer un dat ze denken, wat des Letzburger an de battersie Stonnen vun der Geschicht vun Land mattgemäch hun. Hei sin d'Nimm vun desen treien Hémechskanner: Felten J. P. gestuerwen den 3. 7. 42 zo' Losberg. Balk Martin, gestuerwen den 5. 8. 42 zo' Dachau. Fisch Pir, gestuerwen den 16. 9. 42 zo' Dachau. Less Jang, gestuerwen den 16. 9. 42 zo' Aushwitz. Weiler Pir, gestuerwen den 16. 9. 42 zo' Aushwitz. Müller Nic., gestuerwen den 17. 4. 43 zo' Hinzert. Thillmann Jang, gestuerwen den 20. 6. 43 zo' Hinzert. Weisgerber Gusty, gestuerwen den 8. 5. 44 zo' Flossenbürg. Vecchioni Ascanio, gestuerwen 31. 5. 44 zo' Flossenbürg. LETZBURGER, DENKT U SII

D'Unio'n ersche'nt all Woch am Verlag vun der Unio'n Abonnement: 15.00 Frang pro Quartal. Einzelnummer: 1.50 Frang. Annoncen (Nömmen vu Letzburger): Geschäfts- an amtlech Annoncen 2.00 Frang pro Zeil. All aner Annoncen 1.75. Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Erenschtagg. Tel. 58-32 Unio'n. - Postcheck No. 6491. Verantwortlech ass den Aktionscomité. Druck Fr. Bourg-Bourger, Letzberg.

Denkt un d'LETZBURGER an der Friém!